Léif Lieser*innen,

An dësem Hierscht presentéiert Iech d'UFEPs-Team hiren neie Formatiounskatalog fir 2022! En g Offer, déi sech wéi gewinnt op eis véier Kompetenzberäicher baséiert, a vun eisem Netzwierk un Formateur*tricen a Partner ënnerstëtzt gëtt:
À la Une,
Management et Développement Personnel,
Enfance et Jeunesse
an
Handicap.

Méi wéi soss ass et wichteg, dass Professioneller an eisem Sozial-, Hëllefs- a Fleegesecteur hiert Wëssen an hier Fäegkeete weider kënnen ausbauen. Et kann een net genuch betounen: et ass eng wichteg Quell a perséinlech a berufflech Beräicherung fir kënne vun der Expertise vun anere Professioneller a Formateuren ze profitéieren, méi Approchen oder innovativ Instrumenter ze entdecken, sech mat Gläichgesënnten iwwert hier berufflech Praktiken auszetauschen a komplex Situatioune gemeinsam kënnen ze analyséieren. An dat gëllt onofhängeg vun der Positioun oder Funktioun an der Institutioun!

Gëtt et Neierungen am Programm vun 2022? Ma jo! **Méi wéi zwanzeg nei Formatioune** go ufen an all Rubricken integréiert, wéi Dir um Symbol

„New“ gesi kënnt.

À la Une befaasst sech an dësem Joer virun allem mat Design Thinking a mat spezifeschen Ins trumenter vun der kollektiver Intelligenz, wärend d’Rubrik
Management et Developpement Personnel
de Fokus op Formatioune setzt, déi d‘Wuelbefannen op der Aarbechtsplaz solle förderen, an dat egal ob een sech an enger Féierungspositioun befënnt oder net.

An de Rubricken **Enfance et Jeunesse** souwéi **Handicap** ënnerstëtzt eis Formatiounsoffer weiderhi sämtlech Approchen, déi op eng besser Liewensqualitéit vun den Persoune, déi begleet ginn, ofzielen, virun allem duerch eis inklusiv Formatiounen oder duerch d’Formatioun „Devenir référent pédagogique „Inclusion“, déi zënter 2017 ugebuede gëtt.

Natierlech kënnt Dir bei eis och wéi ëmmer eng In-House Formatioun ufroen: eng eenzegaarteg Geleeënheet, Är Equipe zesummen ze forméieren oder en „Atelier de co-développement“ en Place ze setzen.

Mir stinn Iech wéi gewinnt gäre bei Froen oder Ureegungen zur Verfügung a freeën eis drop, Ie ch bei der UFEP ze gesinn!

D'Equipe vun der UFEP